



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/06/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sozialversécherung, Konsumenteschutz & Gesondheet weiderzeleeden.**

Dokteren an Zänn dokteren däerfe fir verschidde Leeschtungen, déi iwwert d'Basisbehandlung erausginn, sougenannten "supplément d'honoraire pour convenance personnelle" bzw. "Sonderhonorare für persönliche Ansprüche" verrechnen. Dës ginn net vun der CNS iwwerholl a mussen vum Patient selwer gedroe ginn.

Wéi héisch dës zousätzlech Käschten dierfe sinn, gouf net gesetzlech festgehalten. Konkret heescht et op der Websäit vun der CNS dozou:

Es ist anzumerken, dass die Tarife für persönliche Ansprüche nicht festgelegt sind.

Die Ärzte und Zahnärzte sind jedoch gebeten, gegebenenfalls, die Sonderhonorare mit «Takt und Maß» zu verrechnen.

Fir e Supplement verrechnen ze kënnen, misst den Dokter de geltende Reegelen no säi Patient am Voraus iwwert déi zousätzlech Käschten informéieren an de Patient misst dësen zousätzleche Leeschtungen och am Virfeld zoustëmmen. Leider kënn et um Terrain awer ëmmer nees zu Situatiounen, wou Supplementen op Rechnungen optauchen, déi net vum Dokter ugekënnegt goufen. Well vill Persounen hier Dokteschrechnungen einfach bezuelen, ouni ze iwwerpräiwen, ob Supplementen notéiert goufen, déi net ugekënnegt waren, fält déi falsch Facturatioun oft net op. Fir Persounen, déi op e Remboursement vun der CNS ugewise sinn, fir finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen, kann dat awer zu schlimmen Iwwerraschunge féieren, wann eréischt nodréiglech festgestallt gëtt, dass d'Krankekeess net alles iwwerhëlt a si onerwaart op engem Deel vun de Käschte setze bleiwen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

1. Wéi oft a wéi gëtt kontrolléiert, ob Zännдокteren an Докteren hier Rechnunge konform ausstellen a keng Supplemente fir *convenances personnelles* berechnen, wann dës net am Virfeld mam Patient ofgeschwat gi sinn?
2. Falls en Dokter oder Zännдокter engem Patient op deem säi Wonsch hin e feste Rendezvous gëtt an dësen Termin och anhält, kann e Supplement "CP1" berechent ginn.
  - Däerf esou ee CP-Supplement och verrechent ginn, wann e Rendezvous iwwert en Online-Portal gemaach gëtt? Wéi gëtt de Patient dann iwwert déi zousätzlech Käschten informéiert?
  - Wei ass et, wann den Dokter dem Patient e feste Rendezvous proposéiert, ouni dass de Patient explizitt gefrot huet?
  - Wat geschitt am Fall, wou den Dokter de Rendezvous net anhält? Ab wéi vill Minutte Retard ka kee Supplement méi gefrot ginn?
3. Plangt d'Regierung Plaffongen anzeféieren, wat d'*supplément d'honoraire pour convenance personnelle* ugeet, fir d'Verbraucher besser virun iwwerdeierten Tariffer ze schützen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven  
Député

